Nach ni stoung en esou fundamentalen Ugreff op eis a Joerhonnerte gewussen demokratesch Werter zur Debatt, wéi elo mat CETA an TTIP.

- **Et ass fir d'eischt inakzeptabel datt d'Verhandlungen zu Accorden, wou eiser aller Liewen wäerte fundamental beaflossen, an der gréisster Dunkelkammer oflaafen.** Et as dach net normal, datt et 2014 no Joere Verhandlungen e geleaktent Dokument gebraucht huet, datt iwerhapt e puer Verhandlungstexter erauskomm sinn! An et ass dach net normal, datt och elo nach ëmmer net all Member vun enger Regierug an all Deputéierten vun all Land, déi Dokumenter kritt. A nach schlëmmer ass, datt si sech dat gefaale loosen. **Alleng déi do Geheimhaltung messuecht an engem däermossen Ausmooss eisen demokratesche System, datt d'Verhandlungen direkt misste gestoppt ginn!**

- **Ma et geet jo nach weider:** Mäer sinn houfreg drop, datt mäer an enger Gesellschaft liewe, wou déi ennerschiddlech Leit mat verschiddenen Astellungen hier Meenung däerfe soën, eng Debatt stattfënnt. Ma och dat gëtt bei CETA an TTIP net respektéiert. 90% vun de Gespreicher vun der EU wuare mat der Wirtschaftssäit, a jhust 10% mat sozialen an Ëmweltbewegungen. **A wa mäer haut hei stinn, dann as et och well mäer net wëlle nokucke, wei hei eng EU méi a méi ënnerwandert gëtt vu Konzerner! A well mäer eis fir eis gewuessen Diskussiouns- an Sträitkultur asetzen. Wann hier Argumenter esou schlecht sinn, datt se d'Liicht scheie mussen, da seet dat alles.**

- **Et gouf vill vun de Schiedsgerichter geschwaat.** Zu Recht: datt hei auslännesch Firme solle kënnen gewielte Regierunge virun aussergerichtleche Strukturen ukloen, stellt d'Fundament vun eisem Rechststaat, eise Justizsystem, a Fro. A mäer hunn déi rezent Proposen fir d'Schiedsgerichter anescht ze gestallte, genau gekuckt. Dat ass réng Kosmetik, an och nach eng schlecht. Well se ännere näischt um Fong! Mäer soe weider kloer Neen zu de Schiedsgerichter!

- **Ma de Problem läit och doran, wat e Betrieb däerf akloen:** Si däerfe Länner z.B. weinst sougenannten **"entgaangene Gewënner**" op Milliounen, jo Milliarde Schued verkloen. Wann e Land z.B. eng Substanz net zouleist, well se gesondheets- oder ëmweltschiedlech ass, kann dat e verluerene Gewënn sinn fir e Betrieb! Op déi Iddi muss een emol kommen. **E Betrieb däerf en demokratesch gewielten a legitiméierte Staat, well die sech fir séng Bierger agesat huet, virun ee quasi ausserrechtsstaatlecht Gremium zitéieren. Eis Parlamenter a Regierung si gewielt, net primär am Interessi vu Multinationalen ze agéieren, mais fir an aller Fräiheet dat ze decidéieren, wat si fir d'Wuel vun hiere BiergerInnen wichteg fannen. D'Recht vun dem Investisseur däerf net iwwert dem Recht ze reguléiere vu Parlamenter stoen! D'Primat vun der Politik an der Rechtsstaatlechkeet däerf net verlagert gi bei Konzerner!**

- **Ma et geet nach weider: och fir d'Zukunft sollen eis Parlamenter de facto entmündegt ginn!** TTIP, CETA si sougenannt „living agreement"... si „liewen", sollen sech weider entwéckele kënnen. Ma, wie wonnert et, elo net op eng demokratesch Art a Weis. Nö, do soll et eng Kommissioun ginn wou Regelen/Normen an hierem Geescht däerf fortentwéckelen. Déi Kommissioun besteet natierlech net aus gewielte Vertrieder wou hire Länner, Wieler Rechenschaft mussen ofleeën. An déi Décisioune vun där Kommissioun musse natierlech och net vun dem EU-Parlamement an den eenzelne Parlamenter gutt geheescht ginn, neen, si imposéiere sech de Nationalstaten. **Hei solle Parlamenter vun hierer Grondfunktioun entmündegt gin an Zukunft mat iwwert Normen a Werter ze décidéieren.**

- **An da kënnt nach folgendes derbäi: et ass nach ëmmer net 100% kloer, ob CETA an TTIP selwer musse vun de nationale Parlamenter a vun dem Europaparlament ratifizéiert ginn oder net.** An et fäerte Leit, datt CETA an de nächste Wochen ganz klammheimlech ënnerschriwwe gëtt.

Schon des kleng Analyse weist op: CETA an TTIP musse gestoppt ginn! A wann een eis seet: „Gedellegt Iech, well dir wesst guer net wat als Verhandlungsresultat erauskënnt" oder „maacht Iech keng Suergen, mäer verspriechen datt kéng Ëmwelt- a Sozialstandarden a Fro gestallt ginn", dien ass naiv oder e litt. Well d'Verhandlungsresultat vu CETA läit um Desch an et soll net mei geännert ginn. An och Texter vum TTIP gouwen erëm geleaked. An déi Texter sinn eendeiteg.

CETA an TTIP geiwen eis e regelrecht neie Gesellschaftsmodell opforcéieren, die mäer net wellen!

An dem läschte Joer gouwen an der EU iwwert 3,2 Milliounen Ënnerschreften geint CETA an TTIP gesammelt! En eemolegt Resultat. Dëser Deeg stinn europawäit – an och an Amerika – honndertdausende Leit op géint CETA an TTIP. Déi onwahrscheinlech Mobiliséierung mescht Courage. Mescht och Courage, datt Menschen opstinn fir en demokrateschen, sozialen an ekologesche Geellschaftsmodell. Fir eng aner Zukunftsvisioun!

Duerfir: Mäer erwarden ganz kloer vun eiser Regierung endlech kloer Aussoen:! Neen zu TTIP a CETA.

An et géing och der EU gutt doen, dëse Message ze heieren: well soss ass et net méi d'EU vun de Bierger, net mei eis EU!